



**SYNDICAT  
DES P&T**

Sait 1988

# POSTFAX

No 61

Février 2016

**INTERVIEW MAM  
JEAN-MARIE HEYDER  
GILBERT GOERGEN,  
RAYMOND JUCHEM**



**EVALUATION  
ET PARTICIPATION  
AU BÉNÉFICE**

**4 Froen un de  
Claude Ruckert**

*61e édition*

# CONTENU



## IMPRESSIONS:



### ADRESSE:

POSTFAX  
SYNDICAT DES P&T  
B.P. 623  
L2016 Luxembourg

### TIRAGE

3000 ex

Copyright © 2016 Postfax

3

INTERVIEW MAM JEAN-MARIE HEYDER (PRESIDENT), GILBERT GOERGEN, RAYMOND JUCHEM ( VIZEPRESIDENTEN )  
VUM SYNDICAT DES P&T IWWERT:  
MISSIOUNEN- STRATEGIE- FINANZEN- A PERSONALPOLITIK VUN DER POST

3

MISSIOUNEN

5

STRATEGIE VUN DER POST

3

MISSIOUNEN

7

FINANZEN

8

PERSONALPOLITIK

10

RESOLUTION

11

EVALUATION ET PARTICIPATION  
AU BÉNÉFICE

14

4 FROEN UN DE CLAUDE RUCKERT

15

LES BREVES

Interview mam Jean-Marie Heyder ( President), Gilbert Goergen, Raymond Juchem ( Vizepresidenten ) vum Syndicat des P&T iwwert: Missiounen- Strategie- Finanzen- a Personalpolitik vun der POST

## Missiounen Postfax

POST ass säit 1992 en Etablissement public a muss sech an der Konkurrenz behaapten. Duerch säi Statut sinn zousätzlech, speziell Missiounen am Interêt vun der Economie nationale, an am Interêt vun de Bierger zu Lëtzebuerg auszeféieren. Wat fir eng Missiounen sinn dat?

### JMH



Als éischt gëtt et de Service Universel an der Bréifpost den duerch e Gesetz geregelt ass. E Beispill fir dësen Service Universel:

Heimat gëtt garantéiert, dass all Bierger säi Courrier no de selwechte Qualitéitskriterien zougestallt kritt, egal wou en am Land wunnt.

Am Metier Finanzen huet de Bierger d'Recht fir e Kont kennen opzemaachen.

An den Telekommunikatiounen ass de Service Universel definéiert, awer d'Ausféierung ass net fest un en Opérateur attribuéiert ginn. Et geet en dovun aus, dass POST dat mécht.

Ech erënnere mech nach gutt wéi an de 90 Joeren ènnert dem Impuls vum Mady Delvaux, dem Ben Fayot an dem Jeannot Krecké dës Definitiounen zustan komm sinn. An der Zäit ass bei de Sozialisten d'Basis nach mat agebonne ginn, an et si Pabeieren verfaasst ginn, fir ze definéieren:

- Wat d'Aufgab vum Staat ass
- Wat e Service public ass
- Wéi dës Prestatiounen sollen finanzéiert ginn asw.

Haut gëtt kaum nach iwwert de Service Universel diskutéiert. De Projet de loi fir d'Postgesetz èmzéännerren gesät fir, dass d'Entreprise all des Prestatiounen eleng oder mat Participatiounen maache kann.

Vill Economiste menge jo dat géif méi bëlleg ginn, wann en d'Aktivitéiten an d'Filiale transferéiert. E Cahier de Charge mat KPI an SLA géif d'Garantie ginn, dat et funktionéiert. Dovunner sinn mir guer net iwwerzeegt. D'Leit musse sech mat hirer Missiou identifizéieren. Flexibilitéit an Adaptatiounen vun dése Missiounen sinn am Etablissement public einfach ze decidéieren: Mir erwaarden eis an de Walprogrammer vun de Parteien fir d'Chamberwalen 2018 ganz kloer Aussoen zu de Missiounen déi POST maache soll. Et muss verhënnert ginn, dass déi lukrativ Aktivitéiten an de Filialen gemaach ginn, an déi net lukrativ bei der POST. Dat hätt Konsequenzen fir d'Leit déi op der POST schaffen.

Zousätzlech zu dem Service Universel an dene 3 Métieren vun der POST, gëtt des mat speziell Missiounen chargéiert.

Fir der e puer opzezielen: Glasfasernetz ze verleeën, Datenzentren ze bauen, Verdeelung vun den Zeitungen, ATR, asw.

## GG



Missiounen hunn sech am Laf vun den Joeren weider entwéckelt.

De Metier Courier huet nach émmer déi selwecht Missiounen an konnt némmen duerch Reorganisatiounen ( Centre de Tri ) esou ze soen fit gemach ginn.

Am Metier Telekom waren Missiounen gesetzlech net festgehalen awer kloer. Décisioun vun der Politik, de Breetband am ganzen Land ze verleeën war un sech eng Tâche déi wëllkomm ass, an eisem Metier Aarbecht bruecht huet. Ze Bedenken ass awer de Rhythmus deen Post an dësem Projet sech huet missen ginn, wat déi finanziell Situatioun net einfach mécht.

Déi lescht Joeren kommen mir och aus den Reorganisatiounen net eraus.Déi vill Changementer a kuerzer Zäit sinn net gesond fir d'POST.

**Bei esou enger grousser Mass vun Projeten - Fiber- Renita- IT a.s.w. A sech dann och nach nei strukturell Ännertungen op d' Schéller ze leeën ass einfach net de Numm Management wäert . Et gesäßt mir éischter no Handlungseifer aus, ewéi duerchduechte Ideeën.**

Missiounen vun der Post waren kloer fir dem lëtzebuerger Land an senge Matbierger ze déngen.

Haut gesinn ech éischter dat Post dozou déingt verschiddene Bierger an hiren Entreprisen / Auditgesellschaften iwwert Ronnen ze héllefen .

## RJ



An der Direktioun besteet heinandsdo d'Tendenz fir dat schwieregt Konkurrenzëmfeld, an dem, déi verschidde Metieren bei der Post agéieren, nach méi schlëmm ze maachen wéi et schons ass. Dobäi gëtt émmer erëm op d'Personalkáschten higewisen, déi permanent géife klammen. Et ass wouer, dass an de leschte Joerzéngten d'Post permanent forcéiert gouf, fir sech unzepassen. Dat war an der Lescht de Fall wéi d'Post komplett liberaliséiert gouf. Zanterhir bleibt Post Courier zwar nach de „Service universel“, mee mir sinn an alle Beräicher der Konkurrenz vu privaten an öffentlechen Ubidder aus dem Ausland ausgesat – an dat am Kader vun den EU-Direktiven.

Et muss en awer soen, dass d'Liberalisierung net iwwer Nuechtkoum, an dass d'Post relativ gutt préparéiert war. Regelméisseg goufen fundamental Reorganisatiounen am Postbetrieb a bei der Aarbechtsorganisatioun gemaach, fir sech géint d'Konkurrenz ze behaapten. Et kann en ouni ze iwwerdreiwe soen, dass d'Personal, hir Vertriebler an hir Gewerkschaften an der Vergaangenheet ganz kooperativ waren an hiren Deel bäägedroen hunn, dass eis Entreprise konnt bestoэн. Do gouf et och emol Meenungsverschiddenheeten a Reiwerien, mee de Syndicat des P et T huet émmer den Dialog gesicht an ass Kompromësser agaang.

Postbureauen. An dem Kontext muss gesot ginn, dass de Syndicat des P et T ganz responsabel war an émmer den Intérêt vun der Entreprise am Aa huet. Dat war och de Fall bei den Diskussiouen iwwert d'Reorganisatioun vum Réseau vente. Am Conseil d'Administration gouf am Mee 2015 di nei Strategie gestëmmt. Si huet eng Reduzéierung an e neie Look fir de ganze Réseau virgesinn, an dat an der Period 2016-2025. D'Personalvertriebler ware net géint dës pluriannuell Approche, ënnert der Konditioun, dass equivalent Aarbeitsplazeten fir déi betraffe Leit geschaf géifen. De Problem ass awer, dass elo de Projet vun däer Reorganisatioun iwwert de Knéi gebrach gëtt an alles mei séier gemaach soll ginn. Ech si nach émmer der Meenung, dass et besser gewiescht wir, fir d'Kooperatioun mam Cactus a mat Raiffeisen eng Zäit laang lafen ze lossen, fir dann ze kucken, op dat e Succès géif. Da sollt e punktuell decidéieren. Dat selwecht kann e soen iwwert de geplangten Ausbau vun den Espaces Poste, wou et och besser gewiescht wir, d'Post hätt dem Client an enger éischter Phase e fäerdegt Konzept présentiert, da wir dat mat dem Zoumaache vu Postbureauen net esou schlecht ukomm bei de Leit. De Protest vu verschiddene Gemenge weist jo och, dass d'Kommunalpolitiker iwwerdubbert goufen.

# Strategie vun der Post

## Postfax

*Am Abrëll 2013 huet de Conseil vun der POST de Strategiepabeier „Déi nei Post“ ugeholl. Wei gesäit de Bilan vun dëser Strategie aus der Siicht vum Syndicat des P&T, no bal 2 Joer aus?*

JMH



Fir eis ass „Déi nei POST“ en Echec an wann en de Fiasko vermeiden wëll, muss elo gehandelt ginn.

Firwat? Allgemeng kann een zur Strategie „Déi nei POST“ folgendes soen:

Mir haten am viraus drop higewisen dass et net méiglech ass, a ganz kuerzer Zäit

alles unzepaken, also alles a Fro ze stellen. Fir eis wär et besser gewiescht wéi an der Vergaangenheet Schwéierpunkte ze setzen, well de Risiko besteet, dass d'Leit iwwerfuerdert ginn. Vill Kollege sinn haut gestresst, vill vun dene wëlle keng nei Responsabilitéité méi, an et ass haut net ganz kloer wee wat mécht. Et ginn Aktivitéiten déi 2 ,3 mol gemaach ginn. D'Ineffizienz um Terrain ass enorm.

Et gëtt kee Bilan gemaach. De Management deen haut d'Soen huet, kuckt just no fir. Déi sinn dovun iwverzeeg dass si keng Fehler maachen. Alles wat decidéiert gëtt ass richteg.

Wann een d'Organisatiounstruktur vum Métier Telecom/ICT kuckt, da gëtt et Post Technologies an POST Telecom déi an 2 gespléckt ass: POST Services an POST Solutions. An da gëtt et nach POST Telecom PSF sa. Déi vill Schnëttstellen sinn zu groussen Obstacelen ginn.

Wéi ass des Organisatioun entstan? Am Agenda 2012 war den Objektiv fir „séparation fonctionnelle“ zwëschen dem Marché retail an Marché de gros ze realiséieren : De Fonds de commerce vum Festnetz ass vun der Post bei Luxgsm s.a. iwwerdroe ginn, an en Deel vun de Leit vun der deemoleger DT ass do affectéiert ginn.Bei dësen Discussiounen hat de Syndicat des P&T d' Fro opgeworf op et Sënn mécht grouss

Projeten, an services spéciaux souwéi Aktivitéiten vum Service universel mat eraus ze ginn : Dëst ass einfach ouni formell Decisioun gemaach ginn.

No dem EOI (Equivalence of Input) am Joer 2015 wou all Operateur um Marché d'selwecht ze behandelen ass,ass d'Situatioun erëm eng aner.

D'Barrièren « Etablissement public » vs « SA » ginn et dann net méi. Vill Problemer ginn domatt geléist.

**Et ass haut ouni weideres denkbar eng POST Telecom s.a. ze liquidéieren an 2 nei Divisiounen POST Services an POST Solutions bei der Post ze schaafen.**

Des Weideren ass d'Strategie „Déi nei Post“ an der Zäit onendlech.

De Conseil ass awer zoustänneg fir d'Strategie ze définéieren, an d'Mandatsdauer vun den Conseilsmemberen ass fixéiert op 5 Joer.

An der Vergaangenheet hate mer den Agenda 2007, an 2012 also am Rhythmus vun der Mandatsdauer vum CA.

Wann den CA fir d'Joer 2018 erneiert gëtt, kennt et jo mol virkommen dass grouss Ännerungen an der Kompositioun vum Conseil stattfannen.

Ass de neie Conseil dann mat dëser Strategie averstanen? Wann d'Responsabilitéit vun der Strategie beim Conseil ass, kann et jo net sinn dass déi nei Memberen am CA dës akzeptéieren müssen, ouni dës mat decidéiert ze hunn.

## GG



Vill huet geännert nodeems eise Minister changéiert huet !

Neie Generaldirekter neie Conseil's President .. nei Direktësch ... nei Strategie ..neit Postgesetz

net feststellen kann.

Am Conseil seet bal kee Staatsvertrieber méi eppes.

Eng Ronn gëtt gedréint virun all Conseil fir dann mat enger

Stemm d' Meenung vum Staat ze vertrieben.

No 13 Joer wou ech am Conseil sinn war et émmer eng offen Diskussioun wou dann den Conseil sech eng Strategie ginn huet, an déi dann dem zoustännege Minister énnerbreed huet. All dat ass Vergaangenheet. Hei huet een Gefill dat de Minister do setzt an just an deem Geesch argumentéiert an gehandelt gëtt .

Wat d'Postgesetz betréfft, déi des Strukturen regelen soll sinn méi no un enger SA wei un engem Etablissement public.

## RJ



Et ass sécher eng Mussesaaach an och am Sënn vum Syndicat des P et T, wann de Postmanagement sech no neien Aktivitéiten émkuckt fir d'Postfinanzen an de Gréff ze kréien. D'Situatioun ass awer déi, dass et an Zukunft tatsächlech am Post Courier-Geschäft et émmer méi schwéier wäert ginn fir schwarz Zuelen ze schreiwen. Grad dofir war de Syndicat des P et T der Meenung, dass versicht sollt ginn dës nei Aktivitéiten bannent dem Haus ze geréieren, well e net weess wéi d'Situatioun sech a noer Zukunft wäert entwéckelen.

**De Risiko mat der geplanter SA ass deen, dass émmer méi Aktivitéiten aus dem Tri eraus geholl kéinte ginn.**

Och weess ee nét, wéi en Impakt dat neit Postgesetz wäert hunn, virun allem wat d'Aarbeitsplazen am Tri ubelaangt.

Zu Betebuerg am Tri schafft qualifizéiert Personal, wat dése neien Aktivitéiten bestëmmt gewuess wier. Wann een di finanziell Envergure vun dem Dossier iwwert di next Joere kuckt, wir et vläicht intressant gewiescht, fir d'éischt emol eng Analyse ze maachen an ze kucken, op dat alles am POST Courier hätt kënnen émgesaat ginn. Dofir ass et net gutt gewiescht, dass um „Agora“ esou gemaach gouf, wéi wann den Dossier am Dezember am Conseil d'Administration mam Accord vun de Personalvertrieber duerchgebaatscht gi wir. Well d'Personalvertrieber waaren mat dësem Logisticdossier nét d'accord. Mat der Konsequenz, dass de Syndicat des P et T duerch des Falschinformatiou „um“ Agora d'Streikprozedur ageleet huet. Des Situatioun wir ze vermeiden gewiecht!



# Finanzen

## Postfax

### *Wéi ass d'Finanzentwécklung bei der Post?*

JMH



2015 war kee gutt Joer fir d'Post, an d'Perspektiven fir 2016 si net besser.

De Benefice geet drastesch zeréck.

D'Ursaachen dofir si bekannt. Wann mir eise Missiounen als Etablissement public gerecht wölle ginn, sinn d'Investissementer héich. Zur Zäit sinn des awer extrem héich, iwwert 200M€.

Dass d'Recette stagnéieren, dat kénnt duerch d'Awirkungen vun der Kommissiou (Roamingpräisser), den Decisioune vum ILR, der aggressiver Konkurrenz, niddregen Tauxen fir Placementer asw.

D'Chargen klamme rapid, awer do ass een Deel hausgemaach. Ech denken do direkt un Consultance an Informatikkáschten.

**Fir dass d'POST all deenen Wünsch déi Politiker, Bierger, Postieren asw. gerecht se ginn, brauchen mer all Joer e Benefice vun 40M€ -50M€**

De Jeannot Krecké eisen viregten Postminister sot émmer., D'Post soll seng Missiounen erfëllen, Dividend fir de Staat kann da méi kleng sinn.“

Den aktuellen Postminister seet.: „D'POST denkt jo drun, dass de Staat eng akzeptabel Dividend erwaart.“

RJ



Et ass de Gewerkschaften viru Joeren émmer prophezeit ginn, dass POST Courier a kurzer Zäit géif rout Zuelen schreiwen. Aus den Dokumenter, déi mir virleien, geet awer erfir, dass d'Post 2016 wahrscheinlech nach eng Kéier 18,7 Milliounen Euro méi Emsaz maache wärt wéi am Joer virdrun, an dass dobäi e groussen Deel op Post Courier kéint falen (+9,3 Mio. Euro). D'Post wäert 2016 zwar manner Profit maachen, mee et gét awer nach mat engem gudde Resultat vun 29 Milliounen Euro viru Steieren gerechent. Als President vun der Bréifdréieschgewerkschaft a Vizepresident vum Syndicat des P et T wöll ech drun erénnneren, dass am Joer 2011 mat der Direktioun en Accord fond gouf, fir Káschten ze spueren. Dat huet jo awer och zu deene gudde Resultater gefouert. Dofir kann ech och net akzeptéieren, dass elo ugedeit gét, fir sech eventuell laanscht déi Accorden ze drécken oder rout d'Zuelen

un d'Mauer ze molen, wou a Wiirklechkeet nach schwarz Zuele geschriwwen ginn.

Wann een d' Finanzsituatioun vun der Post kuckt – an d'Post ass jo nach émmer e Staatsbetrieb – da kann et net sinn, dass d'Politik sech permanent aus hirer Responsabilitiéit zitt, andeems se seet, si wéilt sech jo awer net an d'Dagesgeschäft amësch. Well doréms geet et net. Et geet dréms derfir ze suergen, dass mir och an Zukunft dem Client e gudden Service iwwert d'ganzt Land bidden, an do diirf net aleng no der Rentabilitiéit gekuckt ginn. Vu dass d'Post och an Zukunft héich Investitioune muss maachen, sollt net an éischter Linn um Service um Client oder beim Personal gespuert ginn. Do kénnt de Staat, dee fir 2015 ronn 20 Milliounen Euro un Dividenden wäert asäckelen, jo awer och eppes bädroen, andeems e manner Dividende freeet an der Post de néidege Spillraum léisst fir hir wichteg Missioun am Dëngscht vum Land.

# Personalpolitik

## Postfax

*Bei der POST gëtt et Fonctionnaires, Employéen an Ouvrier de l'Etat, al Employéen privés an Salariéen, wéi gëtt een do eens ?*

JMH



Ech fannen déi Komplexitéit net negativ; et ass sécherlech eng Erausfuerderung fir all dëst ze harmoniséieren. Sécherlech huet den éischten Kollektivvertrag vun 2013 deen énnert dem Drock vum Directeur général Claude Strasser zustane komm ass, d'Situatioun verschlechtert.

D'Représentanten vum Syndicat des P&T am Conseil d'Administration haten des Conventioun net gestëmmt, well d'Paien an der Carrière inferieure a moyenne vill ze déif sinn, an well ee keng Perspektive de Carrière an dësem Kollektivvertrag erkennt.

Positiv ass, dass d'Post d'Reformen an der Fonction Publique op den 1ten Oktober ouni grouss Problemer émgesat goufen.

Problematesch ass awer den Avis vum Conseil iwwert den Amendement vun der Affektatioun vun den Fonctionnaires an Employéen an d'Filiale vun der Post. Den Syndicat huet Mëtt Januar eng Propositioun un den President vun der Chamberkommissiou „Economie“ gemaach, fir déi Rechter déi mir 2011 mat der Affektatioun vun Postieren bei LUXGSM s.a. kruten, ze behalen.

Mir musse verhënneren, dass d'Personal vum Droit public zum Spillball vum Management gëtt, an dass ee vun haut op muer einfach esou an eng Filial kann versat ginn.

Wann een d'Personal vum öffentleche Statut bei der POST

**Den Postminister Etienne Schneider huet sech engagéiert dass de Postier virun enger Affektatioun sain Averständniss muss ginn.**

weider diskriminéiert an een d'Impressioun opkomme léisst, dass dëst Personal bei der POST onerwünscht ass, da muss de Syndicat handelen an fuerdert dass dëst Personal aus der Post erausgeholl gëtt an beim Staat eng nei Aarbecht kritt.

D'Verhandlungen vum Kollektivvertrag kommen gutt virun, nodeem den Syndicat proposéiert huet d'Iwwerschaffe vun den aktuellen Texter an engem klenge Krees ze maachen. Wa vu baussen dës Aarbecht net torpedéiert gëtt, ginn mer dovun aus, dass de Conseil vun der Post dése verbesserten Kollektivvertrag am 1ten Trimester approuvéiert.



## GG



Et soll en net soen «fréier war alles besser» ...ausser et ass esou.

Wéi mir nach all ee Statut haten, eng Post haben, hat den Postier nach en Bezoek zum Betrib . Dat ass haut net méi ginn .

Stellt een sech Fro op een just nach Eenzelkämpfer huet, déi sech hier

Responsabilitéit an hiert Gehalt verteidegen. Muechtkämpf déi mir soss ni esou haten. Responsabilitéit déi oft duerch Consultingfirmaen gestäipt gëtt an net méi vill Fräiraum ginn, eng konstruktiv Aarbecht fir de Betrib ze garantéieren.

Obschonn Post sech net un bestehend Gesetzer bei den Astellungen hält, säzt den Syndicat mat um Dësch an verhandelt den Kollektivvertrag fir Salariéen.

Ech bleiwen awer och an désem Dossier der Meenung dat mir den Agent des P&T ( de droit public ) sollen diskutéieren !! Dëse Statut géif dem Betrib eng Vereinfachung an der Personalpolitik bréngen.

De Präis ass net alles. Geld spueren um Bockel vun deene jonken Mataarbechter ass vir mech net dee richtegen Wee ! Ech hunn och dat Gefill dat éischter Stäerk vum Statut, dat heescht den « droit et devoir » helleft d'Aktiviteiten ze steieren, ewéi déi «gesoten héich» Gehälter vun e puer Salariéen.

## RJ



E weidere Punkt, iwwert dee mir zanter joeren mat der Direktioun schwätzen, ass d'Opwertung vum Bréifdréieschberuff. Hei war d'Direktioun d'accord fir de Bréifdréier nees verschidden Aufgaben ze ginn, déi se fréier schons an hirer Tournee haten, wa se dem Client en Service ugebueden hunn. Et geet do dréms, Postprodukte ze verkafen oder de Leit, déi dat froen, bestëmmte Geldzommen mat ze bréngen. Dat ass eng Offer, déi haapsächlech Leit zegutt kénnt, déi net méi esou mobil sinn. Dës Opwertung vun der Aarbecht vum Bréifdréier war och e

bësse geduecht fir verschidde Guichetén ze entlaaschten, wou jo dacks vill Leit laang waarde mussen bis se zervéiert ginn. Et ass scho wichtig dat ze énnersträichen, well de Wirtschaftsminister do Saache gesot huet, déi net stëmmen. Doduerch hunn d'Leit gemengt, dat Zoumaache vu Postbureauén hätt eppes mat der Opwærtung vum Bréifdréieschberuff ze dinn. De Minister hätt sech dat kënne spueren, well d'Bréifdréier waren dorriwwer net frou. Dass dat wat hien ugangs gesot huet, net richteg war, huet an der Tëschenzäit jo de Generaldirekter selwer kloergestallt.



# Résolution

Les représentants agrées du personnel regroupés dans le Syndicat des P&T, réunis en conférence des comités à Luxembourg le 20 janvier 2016, après avoir pris connaissance du contenu des différents projets stratégiques, dont le projet de loi « EPT », et de la prise de position du Comité du Syndicat des P&T :

**APPRECIENT** les missions publiques octroyées par l'Etat et celles liées aux services universels consenties par les lois ;

**CONSTATENT** que la stratégie « Déi nei Post » de l'EPT se focalise strictement sur des paramètres de performance économique ;

**RAPPELLENT** qu'une telle stratégie n'est ni pertinente, ni applicable sous cette forme pour une entreprise publique au service de tout public ;

**SE PORTENT FORTS** pour la conservation du statut d'établissement public de l'EPT et du maintien des trois métiers, Postes, Télécommunications/ICT et Services Financiers postaux dans ce même établissement ;

**S'OPPOSENT** à la mise à mort du statut public auprès de l'EPT par le remplacement systématique et illégal des fonctionnaires et employés publics par des salariés ;

**REFUSENT** la création de nouvelles filiales au sein du Groupe EPT destinées à accomplir des missions qui relèvent des métiers de l'EPT, notamment dans le domaine de la logistique ;

**INSISTENT** pour la mise en place de la convergence du statut salarié vers un statut harmonisé EPT ;

## En conclusion

**EXIGENT** des pouvoirs publics une redéfinition des services universels performants, accessibles à tous et à des prix abordables

**AUTORISENT** le Comité du Syndicat des P&T de prendre les mesures syndicales qui lui semblent appropriées en fonction des décisions prises dans le cadre de l'élaboration de la nouvelle loi « EPT » et de la stratégie future du Groupe EPT.

**N'APPORTENT PAS** leur confiance au Comité de Direction dans la gestion de l'entreprise

**DEPLORENT** que le Syndicat des P&T ait été contraint en 2015 à saisir à plusieurs reprises la Commission de Conciliation pour régler les litiges

**INFORMENT** que si la résolution des litiges n'aboutissait pas, alors le Syndicat des P&T entamerait des négociations avec le Ministère de la Fonction Publique relatives à l'affectation de tous les agents de droit public actuellement auprès de l'EPT vers les ministères et administrations de l'Etat d'ici à 2023.

## EVALUATION ET PARTICIPATION AU BÉNÉFICE

# LE MONTANT DE L'ENVELOPPE À DISTRIBUER



Les charges directes et plus particulièrement les amortissements, progressant de 20 millions d'euros de 2012 à 2016, pèsent fortement sur la réduction du résultat après impôts et diminuent ainsi fortement le montant de l'enveloppe à distribuer au personnel.

### CHIFFRES CLÉS

	2011	2012	2013	2014	2015	2016
Investissement (M€)	159	158	156	158	230	220
Corrections de valeur/ Amortissement (M€)	92,5	93,4	97,6	103,8	<b>109,7</b>	<b>113</b>
Résultat après impôts (M€)	113	56,6	61,9	63	<b>35</b>	<b>30</b>
Participation au bénéfice/ enveloppe disponible (M€)	5,15	5,6	5,2	5,47	4,95	<b>3,9</b>

les valeurs 2015 et 2016 marquées en gras sont des estimations

Le montant de l'enveloppe globale annuelle disponible est égal à 6 % de la moyenne arithmétique des résultats après impôts des cinq derniers exercices

# BILAN DE L'ÉVALUATION 2015

Début 2015, se sont déroulées les évaluations basées d'une part sur les objectifs fixés pour l'année 2014 et sur l'exécution de la pratique professionnelle d'autre part.

NOTES MOYENNES DE POST LUXEMBOURG			
	Note Objectifs	Note pratique professionnelle	Note Globale
<b>2013</b>	4,300	4,252	4,275
<b>2014</b>	4,239	4,210	4,225

NOTES MOYENNES PAR ENTITÉ POUR 2014				
Entité	Nombre personnes	Note objectifs	Note pratique professionnelle	Note Globale
Direction générale	476	4,299	4,260	4,279
POST Finance	75	4,330	4,240	4,287
POST Courier	1352	4,150	4,137	4,143
POST Technologies	751	4,357	4,293	4,327
POST Telecom Services	78	4,105	4,202	4,162
POST Telecom Solutions	52	4,388	4,411	4,416
<b>Total</b>	<b>2784</b>	<b>4,239</b>	<b>4,210</b>	<b>4,225</b>

**L'introduction du système d'évaluation auprès de la Fonction publique et ses conséquences sur le personnel de droit public auprès de POST Luxembourg.**

**Le vote des lois sur les réformes de la fonction publique en mars 2015 a introduit l'évaluation auprès des agents de droit public à des moments clés de leur carrière : ( p.ex pour l'accès au niveau supérieur du sous-groupe de traitement, pour les promotions du niveau supérieur, etc.)**

Cette évaluation concerne aussi les postiers de droit public et prévoit les notes suivantes :

- 4 équivaut à « dépasse les attentes »
- 3 équivaut à « répond à toutes les attentes »
- 2 équivaut à « répond à une large partie des attentes »
- 1 équivaut à « ne répond pas aux attentes »



**Il ne faut néanmoins pas oublier qu'un tel système fut introduit au sein de l'EPT en 1995 prévoyant les notes suivantes :**

NOTE	NOTE POUR LES OBJECTIFS	NOTE POUR LES CRITÈRES DE LA PRATIQUE PROFESSIONNELLE	MENTION DE LA NOTE FINALE
6	L'objectif est dépassé largement	Maîtrise exceptionnelle continuellement	Exceptionnelle
5	L'objectif est dépassé sensiblement	Maîtrise supérieure occasionnellement	Supérieure
4	L'objectif est atteint	Maîtrise conforme aux attentes	Répond aux attentes
3	L'objectif est presque atteint	Maîtrise à améliorer	À améliorer
2	L'objectif est partiellement atteint	Maîtrise insuffisante	Insuffisante
1	L'objectif n'est pas du tout atteint	Maîtrise inacceptable	Inacceptable

ETAT	EPT
1	1 < 2,5
2	2,5 < 4
3	4
4	≥ 5

En outre, il est stipulé dans les articles 4bis et 4ter de cette loi que, dans le cas où un fonctionnaire aurait obtenu une note d'évaluation 1, le chef d'administration déclenche une « procédure d'amélioration des performances professionnelles ». Suite à cette procédure, un programme d'appui est établi, destiné à aider le fonctionnaire à retrouver le niveau de performance requis. Ce même article 4ter stipule que, si l'évaluation du fonctionnaire s'est améliorée – la note de l'évaluation étant 2 ; 3 ou 4 – la procédure soit arrêtée.

## Le fonctionnaire n'est plus inamovible

Si par contre, l'évaluation reste telle qu'elle l'était le fonctionnaire fait l'objet d'une procédure, dite d'insuffisance professionnelle pouvant entraîner in extremis le déplacement, la réaffectation ou la **révocation**.

# 4 Froen un den Claude Ruckert, Secrétaire adj. vum Syndicat a Member vum Groupe organisationnel vun der Evaluatioun.



**Postfax:** *Kann en Fonctionnaire bei der Post d'Evaluatioun refuséieren ?*

Claude Ruckert: D'Evaluatioun ass zénter der rezenter Aféierung beim Staat elo e fest Element vum Staatsbeamtestatut ginn. Wann de Beamten beim Staat am Prinzip 3x a senger Carrière bewäert gëtt, gesait eist Postgesetz fir, dass den Postier awer all Joers eng Bewäertung krit. Dat heescht am Kloertext, dass déi Kollegen déi bis elo, aus etheschen oder aneren Grënn, op en Evaluatiounsgespräch verzicht hunn, mat déser Haltung net méi conforme zum Staatsbeamtestatut sinn. Am Gesetz sinn dowéinst och déi néideg Sanktiounen virgesinn.

**Postfax:** *Kann e Fonctionnaire no enger schlechter Evaluatioun entlooss ginn ?*

Claude Ruckert: Wann e Fonctionnaire eng schlecht Bewäertung kritt, also eng 1 ( wat bei eis op der Post enger Note énnert 2,5 entsprécht) seng Leeschungen also komplett onbefriddegend sinn, gëtt eng Procédure déclenchéiert ( procédure d'amélioration professionnelle ) déi him et erlaabt während max. 1 Joer u sengen Leeschungen ze schaffen a sech ze verbesseren. No désem Joer gëtt e Bilan gezunn, an d'Procédure gëtt gestoppt wann de Fonctionnaire eng 2, eng 3 oder eng 4 ( entsprécht bei eis enger Note iwwert 2,5 ) erreecht huet. Ass dat nët de Fall gëtt d'Procédure d'Insuffisance Professionnelle ageleet, dh. de Fonctionnaire kann déplacéiert ginn, réaffectéiert (Dégradatioun) oder entlooss ginn.

**Postfax :** *Kann een en Cumul vun den Participation au Bénéfice an den 3 zousätzlechen Congésdeeg déi beim Staat agefouert ginn, kréien?*

Claude Ruckert: De Statut gesait fir dass den Fonctionnaire den eng ganz gutt Bewäertung kritt huet, also eng 4 ( entsprécht bei eis enger Note iwwert 5 ) doduercher 3 Deeg „Congé de reconnaissance“ bïäikritt. Wann een des gutt Performance op der Post aarecht ass e Cumul tëschent déser guuder Evaluatioun mat hiren pécuniairen Virdeeler an den 3 Deeg méiglech.

**Postfax:** *Sinn demnächst Änderungen un eisem Evaluatiounssystem ze erwaarden?*

Claude Ruckert: Eis Participation au Bénéfice ass bekanntlech jo vum Conseil de Gouvernement fir d'Joeren 2014, 2015 an 2016 verlängert ginn, énnert der Konditioun dass mer eist Evaluatiounssystem enger Revisioun ennerzéie. Eis Echelle op 6 Punkten gëtt bïäibehalen par contre gëtt probéiert eng gréisstmeiglech Uniformitéit vun den Definitiounen an der Form ze erreechen, fir dass d'Evaluatioun an hirer zukünfteger Form och fir d'Kollegen aus der POST Telecom an der POST Telecom PSF kann gebraucht ginn. Dat Ganzt am Horizont 2017.

## Reconduction de la participation au bénéfice et perfectionnement du système d'évaluation

Après l'approbation du Conseil d'Administration en date du 23.4.2014 de la prolongation du système de participation au bénéfice auprès de l'EPT pour une durée de 3 ans, le Conseil de Gouvernement a également approuvé celle-ci pour les années 2014, 2015 et 2016, sous réserve d'une révision du système d'évaluation actuellement en vigueur.

# LES BRÈVES

## Organisation du bureau du Syndicat des P&T

Le comité du Syndicat des P&T a approuvé mi-janvier à l'unanimité l'attribution des fonctions du bureau pour la période du 01/01/2016 au 31/12/2018. Une nouvelle structuration de la fonction des vice-présidents a été retenue.

Président :	Jean-Marie HEYDER
1er vice-président :	Gilbert GOERGEN
2ème vice-président :	Raymond JUCHEM
3ème vice-président :	Denis WEDEUX
Secrétaire général :	Daniel NESTLER
Secrétaire adjoint :	Claude RUCKERT
Trésorier :	Monique SCHEER
Logisticien :	Patrick CLESSE
Chargé de communication :	Jean-Marie HEYDER
Chargé de comm. adj.:	Alain BACH
Gestionnaire effectifs :	Serge BLUM

## Convention collective 2.0 -

Après plus de dix réunions au sein d'un groupe de travail interne « convention collective », proposé par le Syndicat des P&T et composé de 3 représentants du Département RH, de 3 représentants du Syndicat des P&T (Heyder J.-M., Goergen G., Schmit Y.) et de 3 représentants de la délégation des salariés, la convention collective 2.0 applicable à environ 500 postiers, pourrait être approuvée par le Conseil d'Administration, sous réserve que celle-ci trouve au préalable l'accord des syndicats LCGB et OGBL

## Commission de conciliation

La communication relative à l'externalisation des activités prometteuses de la logistique dans une nouvelle filiale à créer a contraint le Syndicat des P&T à saisir la commission de conciliation. Cette démarche poursuit deux objectifs:

- la sauvegarde de l'activité « logistique » au sein de POST Luxembourg –
- la sauvegarde des emplois du centre de tri de POST Courrier

## Réformes dans la Fonction Publique

La transposition des nouvelles lois au 1er octobre 2015 dans la Fonction Publique, qui sont également applicables aux agents de droit public auprès de l'Entreprise des P&T, s'est déroulée à la satisfaction des concernés. Deux tâches, à réaliser pour fin mars, restent à faire, la remise des arrêtés de nominations aux agents de l'EPT d'une part et la définition ainsi que l'attribution des postes à responsabilités particulières d'autre part.

## Affectation des fonctionnaires de l'EP&T : Le Conseil d'Etat ne peut pas marquer son accord

La disposition choisie par le législateur dans son amendement gouvernemental pour demander le consentement aux agents de droit public auprès de POST Luxembourg avant l'affectation pose en effet problème au regard du principe de l'égalité de traitement fondé sur l'article 1obis de la constitution. Cependant, l'affectation définie dans le statut des fonctionnaires concerne uniquement l'affectation à un nouveau poste au sein d'une administration. Le Syndicat des P&T a saisi la commission de l'économie de la CHAMBRE DES DÉPUTÉS en proposant d'y ajouter la formulation «affectation à une filiale de droit privé.»

P/S 409

Luxembourg-Gare

Port payé

